**Projet de loi 6419 portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) N° 66/2010 du 25 novembre 2009 établissant le label écologique de l'Union européenne**

**Rapporteur : Monsieur Marcel Oberweis**

Här President, Dir Dammen an Hären, Här Minister

De virleiende Projet de Loi setzt di europäesch Direktive Nr. 66 vum 25. November 2009 an dat nationalt Recht em. Mat dem Gesetzesprojet ginn eng Rei Modalitéiten bei der Emsetzung an de Sanktiounen am zesummenhang mat dem europäeschen Label fir Emwelt emgesat.

Et soll nach drop higewiise ginn, dass schon am Joer 2000 eng Revisioun vun dem gemeinschaftleche System mat dem Verginn vun dem Emweltzeechen geholl gouf.

Deemols stungen d’Ennerstetzung vun Produkten, dei eis Emwelt protégéieren an hir Awierkungen duerch den Asatz am Mettelpunkt.

Fir ganz komplett ze sinn, muss e soen, dass d’Afeierung vun den Enweltlabel eng direkt Suite vun der Rio-Konferenz aus dem Joer 1992 wor.

Den Emweltlabel selwer stellt domat e wichtege Bausteen an der nohalteger Entwecklung vun der Europäescher Emweltpolitik duer.

Am Laf vun bal engem Joerzingt ass festgestallt ginn, dass dat System revidéiert muss ginn - well é mettlerweil nei wessenschaftlech Erkenntisser huet.

Wei ugedeit, sollen die negativ Impakten op d’Emwelt an op d’Gesondheet vun den Menschen reduzéiert ginn an doriwer eraus déi natiirlech Ressourcen geschount ginn.

Virun allem muss de Public iwer den Emweltlabel mei ennerricht ginn an dat op nationalem wei op europäeschem Plang.

Den 29. Mäerz det Joer huet den déléguéierten Minister fir Emwelt de Projet de Loi an der Chamber déposéiert.

D’Chambre de Commerce, d’Chambre des Salariés an d‘Chambre des Métiers hunn hiren Avis erabruecht, genau wei den Conseil d’Etat mat Datum vum 12. Juni 2012.

Den Avis complémentaire vum Staatsrot ass den 25. September analyséiert an de Rapport ass den 17. Oktober an der Chamberscommissioun ugeholl ginn.

Wann éen sech den europäesche Bannemaart ukuckt, da geseit éen, dass bal 20.000 Produkter a Dingschtleeschtungen dessen Emweltlabel no dem ale System droen. Dat kennen e.a. elektresch Geräter, Pabeier, Textilien an touristesch Servicer sinn.

Et ass wichteg ervirzehiewen - dass d‘Kritären fir den Emweltlabel ze verginn - no wessentschaftleche Erkenntnisser ausgeschafft ginn.

Et ginn hei am Speziellen déi eenzel Emweltafless bei der Produktion, bei dem Gebrauch an bei der Eliminatioun an Betruecht gezunn.

Et sollen och geféierlech Substanzen duerch manner geféierlech ersat ginn an dë nohaltege Gedanken soll respektéiert ginn.

Virun allem soll d’Gesondheet vun de Konsumenten vill mei am Vierdergrond stinn an dei sozial Standarden - virun allem d’Anhalen vun den rechtlechen Arbechtsbedingungen – sollen eng wichteg Bedeitung kreien. Et dierfen och keng Versich un Deieren duerchgeféiert ginn.

Et geet hei hei em eng ethesch, sozial, technesch an wirtschaftlech Approche.

Fir dass e Land den Emweltlabel bei sech applizéieren dierf, muss en Organisem geschafe ginn, dén sech där Aufgab unhellt.

All Betriiber, dei den Emweltlabel fir hir Produkter oder Dingschtleeschtungen kreie wellen, mussen eng Demande bei dessem nationalen Organisem erareechen.

Den déelt dann dene EU-Memberlänner, wou z.B. de Produzent sei Produkt vermaarte well, desse Wonsch mat.

Sinn all d’Konditiounen erfellt a 30 Deeg no dem Erabrengen vun dem Avis vun dem kompetenten Organisem, kann de Ministär an de Produzent en Kontrakt

mat allen Moddalitéiten ennerschreiwen. An domat gett den Emweltlabel verginn.

Dé kompetenten Organism ass bei eis eng Kommissioun, an där d'Ministerien fir Emwelt, vun de Classes moyennes a vun der Wirtschaft vertruede sinn.
D'Redevancen, die aus dem Kontrakt resultéieren, fleissen an de Staatsbudget.
E wichtege Punkt ass d'Opsichen vun Infraktiounen, wann geint de Geescht vum Emweltlabel verstouss gett. Do sinn am Gesetzesprojet eng Rei vu Fonctionnären opgezielt, dei dess Missioun iwerhuelen sollen.

Dei mussen eng speziell Formatioun matmachen, esou dass si di meiglech Infraktiounen secher feststelle kennen. Si dierfen dess Aufgab awer nemmen op dem Territoire vun eisem Land ausüben.

E puer Beispiller vun Infrafraktiounen:

- den Emweltlabel benotzen befir d'Attributioun erfollegt ass
- den Emweltlabel an enger Reklame matbenotzen
- én Emweltlabel asetzen, dé nett dem offiziellen Logo entsprecht
- den Emweltlabel op engem Produkt setzen, obschon desse Produkt dat nett verdingt.

Wann eng Infraktioun festgestallt ginn ass, dann dierf den Beschellegten bannen 3 Meint e Recours beim Tribunal administratif erarechen.
De Gesetzesprojet hat wuel 40 Deeg virgesinn - awer de Staatsrot huet sech fir di 3 Meint ausgeschwat an dat am Senn vun enger Harmoniséierung vun den Delaien fir e Recours.

Als Konsequenz vun enger Infraktioun sinn och pénal Sanktiounen virgesinn. De Montant vun desser Saktioun kann teschend 251 an 12.500 Euro bedroen.

Dass mir eis mat dem Asetzen vun dem Emweltlabel an der Europäescher Unioun nach schweier dinn, gett doduerch ennerstrach, dass ereischt 1300 Emweltlabelen op Produkter an Digschtleeschtungen am Joer 2011 an dat nom neie System attribuéiert goufen.

Dat hänkt secherlech domat zesummen, dass d'Entreprisen, déi desse Schrett machen wellen, eng ganz Rei vun Démarchen ennerhuelen mussen.

An da musse se och nach eng Redevance bei der Demande vun nett manner wei 200 Euro a maximal 1200 Euro bezuelen.

D‘Entreprisen, dei schon eng Zertifikatioun ISO 14001 opweisen, kennen mat engem Rabatt vun 20 Prozent bei der Afeierung vum Emweltlabel rechnen.
Wann d’Entreprisen dann den Emweltlabel op hire Produkt gesat hunn, da mussen se all Joer eng Redevance an Heicht vun maximal 1500 Euro bezuelen.
Am Fall vun enger sougenannter Mikroentreprise bedreit dess Redevance nach 350 Euro.

Hei am Land hu mir nach keng Entreprise, déi den Emweltlabel fir é vun hiren Produkter oder Dingschleeschtung ugefrot huet .

D’Avisen vun de Berufskummeren hunn ausser der Klo, dass si nett mei an dem nationalen Organisem fir de Emweltlabel vertruede sinn, weider keng Objectiounen erabruecht.

Dess Bemierkungen zum virleienden gesetzesprojet gemat, brengen ech den Accord vun der CSV-Fractioun eran  a  soen Merci fir d‘Nolauschteren.